



N°7574
Entrée le 09.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.02.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Aarbecht weiderzeleeden.

Eng ganz Réi Patienten hei am Land gi mat medezineschem Cannabis behandelt. Bei verschidde Patienten ass de gesondheetlechen Zoustand gutt genuch fir schaffen ze goen. Si mussen awer hiert Medikament kënne während der Aarbechtszäit anhuelen, wat bedeit, dass betraffe Persoune Fëmpause musse maachen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Patron engem Aarbechter verbidden, fir säi medezinesche Cannabis anzehuelen?
Wa jo, ënner wei enge Konditiounen?
2. Wat fir Aarbechte sinn am Prinzip net mam medezinesche Cannabis vereenbar?
3. Wat gëtt am Fall gemaach, wou d'Indikatioune vum Dokter net mat der Aarbecht vum Employé vereenbar sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten





Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro n° 7574 vum 9. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Kann de Patron engem Aarbechter verbidden, fir säi medizinesche Cannabis anzehuelen? Wa jo, ënner wéi enge Konditiounen?

Medezineschen Cannabis kann nëmmen op Basis vun enger Ordonnance vun engem Dokter benotzt ginn. Den Employeur huet also kee Recht fir an enger medezinesch ordonnéierter Therapie ze intervenéieren.

2. Waat vir Aarbechte sinn am Prinzip nët mam medizinesche Cannabis vereenbar?

Et muss berücksichtegt ginn, dat den Employé net verflucht ass dem Employeur iwwer den Gebrauch vun medezineschen Cannabis, wei d'Anhuelen vun aneren Medikamenter ze informéieren an den Aarbechtsdokter un säin secret médical gebonnen ass. Hien ass letztendlech den eenzegen, den Restriktiounen betreffend enger Aarbechtsplaz kann ausschwätzen ouni dat et effektiv méiglech wäert sinn fir eng komplett Lëscht vun Aarbechten opzestellen, déi net mat dem medizineschen Cannabis vereenbar sinn.

Fir déi Leit déi op den medezineschen Cannabis ugewisen sinn, ass eng vertraulech Zesummenaarbecht tëschent betreiendem Dokter an dem Patient vun grousser Wichtigkeet och an Zesummenhang mat der Aarbechtsplaz.

3. Waat gëtt am Fall gemaach, wou d'Indikatioune vum Dokter net mat der Aarbecht vum Employé vereenbar sinn?

Am Fall wou d'Indikatiounen vum Dokter net mat der Aarbecht vum Employé vereenbar sinn, kann den Aarbechtsdokter oder awer och, esou wéi am Gesetz virgesinn, den Contrôle médical de la Sécurité sociale, d'Commission mixte saiséieren, déi dann wäert iwwer en reclassement interne oder externe décidéieren.

Lëtzebuerg, den 15. Mäerz 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert

Sources:

ASUpraxis | Arbeitsmed. Sozialmed. Umweltmed. 48, 2, 2013
Cannabis médicinal autorisé au Luxembourg, Informations pour les patients.